PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/11/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Duerch d'Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwert de Verkaf vu medikamentéise Substanzen ass den Asaz vum medezinesche Cannabis no joerzéngtelaangen Diskussiounen endlech eng Realitéit ginn. Fir Mënsche mat chronescher Péng stellt d'Anhuele vu cannabishaltëge Produkter eng raisonnabel Alternative zu anere Medikamenter duer. Nom Gesetz däerf de Cannabis nëmme vun Doktere verschriwwe ginn, déi eng Formatioun am Ëmgang mam Cannabis gemaach hunn an de Krees vu méigleche Patienten ass bis elo op Persoune mat méi grave Krankheete limitéiert. De Koalitiounsaccord mentionnéiert, dass zwee Joer no dem Aféiere vum medezinesche Cannabis eng Evaluatioun soll realiséiert ginn, wat nächst Joer de Fall wär.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bewäert de Gesondheetsministère d'Aféierung vum medezinesche Cannabis am lëtzebuergesche Gesondheetssystem bis ewell als Erfolleg? Wéi eng positiv Léieren zitt de Gesondheetsministère aktuell aus der Legaliséierung vum medezinesche Cannabis?

2. Wäert d'Regierung de Krees vu Krankheeten, déi mat medezineschem Cannabis kënnen traitéiert ginn, an de nächste Joren erweideren?

3. Ass de Gesondheetsministère der Meenung, dass d'Behandlung mat medezinesche Cannabis ausgebaut an egalitär, bzw.prioritär, zu de klassesche Schmerzmëttele soll agesat ginn?

4. A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°447 schreift de Minister, dass 3 Produite vun enger kanadescher Societéit zu Lëtzebuerg erhältlech sinn. Wéi eng Firma ass dat an ëm wéi eng 3 Produiten handelt et sech? Wäerten an noer Zukunft méi Produkter zu Lëtzebuerg ugebuede ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange